N°4550
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 28. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Landwirtschaft steet haut viru villfältegen Erausfuerderungen a muss sech permanent un nei Entwécklungen an Ufuerderungen upassen. Fir d'Baueren ass et méi wéi jee wichteg, Planungssécherheet ze hunn. Déi administrativ Vereinfachung spillt dobäi eng wichteg Roll. Trotzdeem héiert een ëmmer nees vum Terrain, datt vill Baueren den Androck hunn, datt déi administrativ Aarbecht net manner, mee éischter méi gëtt.

Virun dësem Hannergrond géif ech der Madamm Landwirtschaftsminister gär follgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister opléschten, wéi eng Mesüren zanter dem Untrëtt vun der Regierung am Beräich vun den administrative Virgäng konkret geholl goufen, fir de landwirtschaftlechen Acteuren d'Liewen an deem Beräich ze vereinfachen?
2. Kann d'Madamm Minister opléschten, wéi eng Mesüren an den nächste Joren zousätzlech op d'Baueren duerkomme kënnen, wat déi administrativ Aarbecht ugeet?
3. Huet d'Regierung an deem Kontext e Konzept, respektiv e Plang, wéi si d'Baueren, wat déi administrativ Prozeduren ugeet, entlaaschte kann?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten